adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

n° 3379

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Wann een d'Lëtzebuerger Nationalitéit iwwert de Wee vum Sproochentest kréie wëllt, muss ee sech speziell fir dësen Test am Institut national des langues (INL), dem ëffentleche Sproochen- a Bildungszenter vum Land, umellen. Dobäi musse 75 Euro fir d'Aschreiwungskäschten op e Kont vum INL iwwerwise ginn, ier een de kompletten Dossier mat engem ausgefëllten Aschreiwungsformulaire, engem Identitéitsbeweis an der Bankquittung, vun de bezuelten Aschreiwungskäschte beim INL erareecht.

An deem Kontext wéilt ech den Här Educatiounsminister gär froen:

1. Stëmmt et, datt de Leit, déi de Sproochentest fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit am INL net packen, de volle Präis vun den Aschreiwungskäschte rembourséiert gëtt? Zënter wéini gëtt et dee Prinzip vum Remboursement beim Netbestoe vum Sproochentest fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit am INL?
2. Wat fir eng Administratioun ass verantwortlech fir de Remboursement?
3. Ass d'Unzuel vu méiglechе Remboursementer hei limitéiert? Wa jo, wéi vill Remboursementer stinn engem hei zou?
4. Wéi vill där Remboursementer goufe bis haut gemaach?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3379 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3150 vum selwechten honorabelen Deputéierten, gëtt et och hei kee Prinzip, datt ee Kandidat rembourséiert géif ginn am Fall, wou en de Sproochentest fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit am INL net packt. Dës Feststellung bréngt mat sech, datt all déi aner Froen hifälleg ginn.

Déi Fäll, wou ee Remboursement virgesinn ass, sinn am Artikel 17 vum der *Loi du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de 1. la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise, 2. la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise*, festgehalen, an déi bezéien sech op d'Reussite vum Kandidat am Sproochentest.